


ALENUEWEN - Am Duerf, ënnert de Beem. (1907)

# "IN MEMORIAM"
# KALENNER 1995

## 1945-1995
## 50 JOER DUERNO, MER ERËNNEREN ÄIS!

Ce calendrier comporte des événements qui se sont déroulés au cours de l'année 1945, récoltés par S. Clesse et ponctués par les kermesses traditionnelles.

Sur chaque page se trouve une reproduction d'une ancienne carte postale de l'Arelerland. Ces cartes nous ont été prêtées par M.G. Thommes.

Vifs remerciements à ceux et celles qui ont apporté témoignages et renseignements.

Ce calendrier a été réalisé et édité par ARELERLAND A SPROOCH, association culturelle pour la défense de la langue et de la culture luxembourgeoise dans l'Arelerland.





AREL - D'Klouschter an de Pensionnat vun de Frères Maristen. (1924)

# 1995

# *Januar - Haartmount*

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | 1 | **NEIJOOSCHDAG** - | 1945 - DÄITSCH OPERATIOUN "NORDWIND" : 1100 Fliger verluer.<br>1945 - LETZEBUERG : Eng V3 schléit een Amerikaner doud. |
| Méindeg | 2 | | 1945 - BAASCHTENEG : - 20 Grad, 50 cm Schnéi, bedeckten Himmel ...<br>De Patton soll de Montgomery zu Houffalize treffen. |
| Daaschdeg | 3 | | 1945 - De Montgomery gräift u mam VII. Corps d'Armée<br>1945 - AREL - D'amerikanesch Offensive gët ausgefouert vum Millikin. |
| Mëttwoch | 4 | | 1945 - MARCHE : Den 30. Englesche Corps gräift un.<br>1945 - BÄREL : D'90. Amerikanesch Divisioun kéint vun der Saar. |
| Donneschdeg | 5 | | 1945 - BAASCHTENEG-HOLLER : lescht Schluecht vum Manteuffel a vum Model<br>(Panzer zerguttst opgehalen) |
| Freideg | 6 | **DRÄIKINNEKSDAG** | 1945 - De Churchill freet dem Stalin sech am Osten anzesetzen fir déi däitsch Armee dohin unzezéien. |
| Samschdeg | 7 | | 1945 - ISLE-EN-HESSE. D'Schlass besat vum Etat-Major vun der 101e Divisioun.<br>1945 - JEMELLE : 130 Männer gi vun de Preise matgeholl. |
| **Sonndeg** | 8 | | 1945 - Eischten Zeréckmarsch Uerder vum Hitler fir de Manteuffel ... |
| Méindeg | 9 | | 1945 - ZWEETEN Zréckmarsch Uerder fir den Dietrich<br>1945 - PËNTSCH (Eisleck) D'Gestapo sicht d'Resistenzer a Refractairen. |
| Daaschdeg | 10 | | 1945 - VEIANEN : D'Amerikaner bombardéieren d'Stad.<br>1945 - SAINT-HUBERT : befräit no 8 Deg Bombardement<br>1945 - LA ROCHE : befräit - 114 Doudeger an 348 Haiser zerstéiert. |
| Mëttwoch | 11 | | 1945 - KLIERF an HOUFFELS ënnert den Amerikanesche Bommen.<br>OOSTEN : D'Russe gräifen un |
| Donneschdeg | 12 | | 1945 - BILAN "BATAILLE DES ARDENNES"<br>Däitsch Armee : 110000 Mann verluer (12652 doud)<br>Amerikanesch Armee : 75000 Mann verluer (10733 doud)<br>Ziwill : 2500 doud - 11000 Gebeier zerstéiert (18 Kiirchen) |
| Freideg | 13 | | 1945 - KLIERF - erëm bombardéiert.<br>TËNNEN : D'Evacuéiert vun HAREL gin op Lëtzebuerg. |
| Samschdeg | 14 | | 1945 - BAASCHTENEG : De Montgomery zitt den 30. Englesche Corps ewech. |
| **Sonndeg** | 15 | | 1945 - HOUFFELS as zerschloen awer et gët de 16. befräit vun den 2 Panzer Divisioune vum Patton an Hodges. |
| Méindeg | 16 | | 1945 - ARDENNEN : Den Horrocks brengt seng Divisiounen an Nidderland.<br>1945 - BREISSEL : De VAN ACKER liest d'Déclaration ministérielle op zwou Sproochen (N.F.)<br>D'BELSCH AS GANZ BEFRAÏT |



BARDEBURG - D'Haus an d'apostolisch Schoul.

**1995**

# *Januar - Haartmount*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschdeg | 17 | | 1945 - D'BATAILLE DES ARDENNES AS FÄERDEG<br>UFANG VUN DER ALLIERTER OFFENSIVE RICHTONG DÄITSCHLAND.<br>83 alliert Divisioune géint 71 däitsch Divisiounen. |
| Mëttwoch | 18 | | 1945 - DIEKIRCH gët vun der 5. D.I. befräit.<br>BELSCH : Den 16. Batailloun geet an d'Instructioun. |
| Donneschdeg | 19 | | 1945 - VEIANEN gët erëm bombardéiert<br>BREISEL : D'Gidder vun de Kollaborateure gin ënnert Séquester gesat. |
| Freideg | 20 | **BASTIANISDAG** | 1945 - WESTEN : D'ROUD ARMEE geet op Däitschland lass.<br>15 000 000 Mann an 138 Genereel. |
| Samschdeg | 21 | | 1945 - HOLLER : De MANTEUFFEL verléisst d'Géigend.<br>WOULTZ as fräi. |
| **Sonndeg** | 22 | **VINZENDAG** | 1945 - MIEZEG : D'Gemeng verkäaft 101 Buchen an 102 Eechbeem. |
| Méindeg | 23 | | 1945 - ELWEN as fräi.<br>Eischten National Feierdag am GROUSS HERZOGTUM LËTZEBUERG. |
| Daaschdeg | 24 | | 1945 - PËNTSCH : De Refractaire deen 16 Deg ënnert dem Gromperekoup soutz krecht eraus. |
| Mëttwoch | 25 | **PAULUS BEKEIRONG** | 1945 - KLIERF-SCHMIEDE si fräi<br>ARDENNEN : DE PRËNZ CHARLES, REGENT, geet duurch d'Géigend. |
| Donneschdeg | 26 | | 1945 - AREL : Am Auxiliaire Spidol vum Institut Ste Marie sin 97<br>Verletzter vun den Ardennen a 15 an der Clinique St. Joseph. |
| Freideg | 27 | | 1945 - HULDANG as fräi<br>AREL : Den éischte Minister PIERLOT an de Minister du Ravitaillement DELSINNE komme sech informéieren. |
| Samschdeg | 28 | **TOMMESDAG** | 1945 - AREL : De Paul MERGEN schreift iwert "Clairefontaine Displaced Persons Center" (Les Nouvelles). |
| **Sonndeg** | 29 | | 1945 - Eng KONFERENZ vun de "BIG THREE" as virgesinn :<br>ROOSEVELT (USA) - CHURCHILL (ENGLAND) - STALIN (URSS). |
| Méindeg | 30 | | 1945 - BREISSEL : De VAN ZEELAND, Commissaire vum Rapatriement seet datt 135 000 Belsch nach bausst dem LAND si wéinst dem Krich. |
| Daaschdeg | 31 | | 1945 - LËTZEBUERGER PROWEINZ : De Leit feelt bal alles : Iessen, Holz a Kuelen, Gedecks, Käerzen a Petrole, 30 000 sin ouni Daach a 40 000 mussen Hëllef kréien fir ze réparéieren. |




MAARTEL - D'Réimer Bréck op der Sauer. (1938)

**1995**

# *Februar - Spiirkel*

## *Kazemount - Schnéimount*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | | 1945 : BREISEL : Stëftong vum Conseil National de la Résistance. |
| Donneschdeg | 2 | **MARIA-LIICHTMESDAG** | |
| | | | 1945 - LËTZBUERG : 16 Lëtzebuerger erschoss zu Sachsenhausen; si wollten dem Hitler den Eed nit leeschten. |
| Freideg | 3 | **BLASIUSDAG** | 1945 - FRANKRÄICH. Den De GAULLE wëllit mat an d'Konference vun de grousse Mächten |
| Samschdeg | 4 | | 1945 - YALTA : Konferenz mam ROOSEVELT-CHRUCHILL-STALIN. |
| **Sonndeg** | 5 | | 1945 - BELSCH : 49000 T Liéwensmëttele vun den Allierte kommen iwert Mier un. |
| Méindeg | 6 | | 1945 - BELSCH ARMEE : 6 Bataillounen Fräiwëlleger sin do an d'Klass 1941 gët gläich agezun. |
| Daaschteg | 7 | | 1945 - OFFENSIVE vum PATTON géint d'LINN SIGFRIED-WEILERBACH : D'5. Infanterie Divisioun schwëmmt iwert d'Sauer a vill erdréinken. |
| Mëttwoch | 8 | | 1945 - D'CAMPAGNE VUN DÄITSCHLAND AS UGEFAANG. |
| Donneschdeg | 9 | | 1945 - LONDON : Dausende Päck Gezei, vun den Amerikaner gesammelt fir d'Belsch Sinistréiert waarden op de Schëffer. |
| Freideg | 10 | | 1945 - BERLIN : Den Hitler géng gär de Gaz gebrauchen awer e fäert dem Churchill seng Riposte. |
| Samschdeg | 11 | **LEIF FRA VU LOURDES** | |
| | | | 1945 - WEILERBACH : Den amerikanesche Genie baut eng Bréck. YALTA : EUROPA GËT GEDEELT. |
| **Sonndeg** | 12 | | 1945 - AREL : Feierlech Neuvaine zur Notre-Dame de Lourdes (ST Martinskiirch) |
| Méindeg | 13 | **ERMESINDE** | 1945 - BELSCH : Eng Milliard de Mount kascht de Krich. |
| Daaschteg | 14 | **VÄLTESDAG** | 1945 - VEIANEN De leschte Preis gët gefaang an d'Haus vun engem Gielen a Brand gestach. |
| Mëttwoch | 15 | | 1945 - BREISSEL De van Acker freet "Pouvoirs spéciaux" |
| Donneschdeg | 16 | | 1945 - AREL De Strom muss gespuert gin. |
| Freideg | 17 | | 1945 - BELSCH : D'ROUD KRÄIZ schéckt de Gefaangenen nach ëmmer Päck a Bréif via GENEVE |
| Samschdeg | 18 | | 1945 - AREL : De Barong NOTHOMB mecht eng Versammlong fïr de Sinistréierten ze hëllefen. |
| **Sonndeg** | 19 | | 1945 - DRÄILÄNNERECK (Saar, Lorraine, Lëtzebuerg) gët vum Patton befräit. |
| Méindeg | 20 | | 1945 - AREL : Kee Strom fïr de Concert vum FONDS D'ENTRAIDE; hie gët ausgesat. |
| Daaschteg | 21 | | 1945 - AREL : D'Leit fäerten den Hitler hätt eng Arme secrète (Gaz, V5) |





MIEZEG - D'Gare, d'Baach Messancy an "A Kaffis". (1920)

1995

# Februar - Spiirkel

## Kazemount - Schnéimount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 22 | | 1945 : AREL : Ravitaillementstimbre gin ausgedellt fir 500 gr. Margarine, 250 gr Geméis, 125 gr Huewer, 200 gr Liefkuch. |
| Donneschdeg | 23 | | 1945 - USA : Besser Panzer gi fabrizéiert. |
| Freideg | 24 | **MATHAISDAG** | 1945 - LËTZEBUERGER PROWËNZ : An all Brigade gin erëm Jhandaarmen ageschriwwen |
| Samschdeg | 25 | **WALBURGE** | 1945 - DÄITSCHLAND : Uerder vum Hitler" All Zaldot dee fortlääft ëmléen". |
| **Sonndeg** | 26 | **FUESSONNDEG** | 1945 - LËTZEBUERG : D'Regirong gët vergréissert. |
| Méindeg | 27 | **FUESMEINDAG** | 1945 - AREL Um Conseil de Guerre gin d'Membre vum "Deutsche Sprachverein" jugéiert. |
| Daaschteg | 28 | **FUESDAACHDEG** | 1945 - BELSCHE CONGO : D'éischt Hëllefsschëf kéint op Bréissel un mat 1000 T Miel, 700 T Cacao, 600 T Kaffi, 1950 T Ueleg, 25 T Bananemiel, 1000 T Koffer, 150 T Zënn, 100 T Leder, 200 T Päck vun der Croix Rouge. |




ATTEM - D'Schmëdd Bief an d'Chiers. (1912)

# 1995

# *Mäerz - Lenzmount*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | | 1945 - TREIER gët vum L. C. RICHARDSON besat |
| Donneschdeg | 2 | | 1945 - ROUM : De Poopst Pius XII as krank |
| Freideg | 3 | | 1945 - AREL : Couvre-feu fir d'Ziwill (21 Auer) an d'Zaldoten (22 Auer) |
| Samschdeg | 4 | | 1945 - AREL : D'Schoule gin erëm op. D'Buch "Pedagogie générale" vum Frère Léon (Mariste) gët publizéiert. |
| **Sonndeg** | 5 | **OUNESONNDEG** | |
| | | | 1945 - BARNECH: D'Meederchersschoul déi vun den Amerikaner besat war, geet erëm op. |
| Méindeg | 6 | | 1945 - BOBBERSTEIN : 250 Lëtzebuerger Ëmsidler maache sech op de Wee no heem. |
| Daaschteg | 7 | | 1945 - REMAGEN : D'Amerikaner huelen d'Bréck a gin iwert de Rhäin. |
| Mëttwoch | 8 | | 1945 - ARELERLAND : All Dag fléien no Däitschland honnerte Superforteresse mat explosive an incendiaire Bommen |
| Donneschdeg | 9 | | 1945 - BILAN : D'Belsch huet an Däitschland : 20000 Politik Gefaangener, 25000 Judden, 66000 Krichs Gefaangener, 135000 Gezwongenaarbechter. |
| Freideg | 10 | | 1945 - REMAGEN : Den 12. Belsche Bataillon de Fusillers geet iwert de Rhäin. |
| Samschdeg | 11 | | 1945 - LËTZEBUERG wëllt seng Neutralitéit verloossen an een "Accord militaire" mat der Belsch maachen |
| **Sonndeg** | 12 | **BOUNESONNDEG** | |
| | | | 1945 - BELSCH : D'Bauere musse nach ëmmer Mëllech ofliwweren. |
| Méindeg | 13 | | 1945 - AREL : All Motorwon soll am Stadhaus ugemelt gin. |
| Daaschteg | 14 | | 1945 - ARELERLAND : Et muss sech ageschriwwe gi fir d'Seefratiounen. |
| Mëttwoch | 15 | | 1945 - REMAGEN : De 16. Belsche Bataillon de Fusillers geet och iwert de Rhäin (De J. Laforge vu Maartel war derbäi) |
| Donneschdeg | 16 | | 1945 - LËTZEBUERG : Den EISENHOWER kéint bäi d'12. Armee vum Bradley an d'3. Armee vum Patton. |
| Freideg | 17 | **GERTRAUDENDAG** | |
| | | | 1945 - BIELEFELD : Déi éischt 7,5M laang an 10T. schwéier Bomme felen op d'Bréck. BARNECH : De Gemengerot beschléisst datt d'Franséisch offiziel d'Schoulsprooch gët. |
| Samschdeg | 18 | | 1945 - HOLLER : Lëtzebuerger Jongen, vun de Preise matgeschleeft, kommen erëm. |
| **Sonndeg** | 19 | **JOUSEFSDAG - KROUNESONNDEG** | |
| | | | 1945 - BARNECH : De Fernand Biwer, Saboteur zu Marloie, stierft am Lager zu Ganacher. |
| Méindeg | 20 | **JOACHIMSDAG** | 1945 - LËTZEBUERG : Eng Assemblée Consultative ersetzt d'al Chamber (31 fréier Députéierten an 30 Resistenzler). |
| Daaschteg | 21 | **FREIJOR** | 1945 - WASHINGTON befreet sech wéi d'Japaanesch Industrien duurch en Äerdbeben zerstéieren. |




1995

STACKEM - Zaldoten virum Café du Luxembourg a virum Café Colett.

# *Mäerz - Lenzmount*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 22 | | 1945 - BUCHENWALD : D'belsch Zaldote vum 16. Bataillon de Fusillers treffen 572 belsch Gefaangenen. |
| Donneschdeg | 23 | | 1945 - BUCHENWALD : D'belsch Zaldote fléien iwert de Rhäin |
| Freideg | 24 | **GABRIELSDAG** | 1945 - ROUM : De Poopst freet all Solidaritéit a chrëschtlech Léift.<br>BARNECH, UEWERELTER, BADEBUURG : 5 Männer déi vun de Preise matgeschleeft ware, kommen ouni Päerd erëm. |
| Samschdeg | 25 | **MARIA VERKËNNEGONG** | |
| | | | 1945 - Och Frae maachen am Krich mat : England (vun 20 bis 25 Jor)<br>Amerika : Dausenden Infirmiären, Däitschland : an all Secteur |
| **Sonndeg** | 26 | **HALLEFFAASCHTE SONNDEG - BRATZELSONNDEG** | |
| | | | 1945 - LËTZEBUERG : De Patton réckt no Däitschland. |
| Méindeg | 27 | | 1945 - LONDON : Déi 2 lescht V2 maachen nach 134 Doudeger. |
| Daaschteg | 28 | | 1945 - ATTEM : D'Aarbechter schaffen 48 Stonnen eng Woch a sin d'Woch drop am Chômage. |
| Mëttwoch | 29 | | 1945 - SUFFOLK : Déi lescht V1 gët vun der FLAK erofgeschoss. |
| Donneschdeg | 30 | | 1945 - AREL adoptéiert d'sinistréiert Gemeng ORTHO. |
| Freideg | 31 | | 1945 - AREL : D'Leit mussen hir Ravitaillementskaart virunhalen. |




ATERT - Déi zwou Kiirchen.

**1995**

# Abréil - Gecksmount
## Fréiléng

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | | 1945 - KARSRUHE : D'Fransousen gin iwert de Rhäin. |
| **Sonndeg** | 2 | **ELLESONNDEG** | 1945 - DÄITSCHLAND verléiert d'Saar<br>JAPAN : D'Amerikaner gräifen d'Hafen un |
| Méindeg | 3 | | 1945 - DÄITSCHLAND : De Chanoine Poiré a vill aner Gefaangene gin ënnert d'Bomme gejot (800 Doudeger) |
| Daaschdeg | 4 | | 1945 - PROWËNZ LËTZEBUERG : Vill Lager mat däitsch Zaldote si verschwonn. Zu Marche bleift ee mat 350 Prisonnéier. |
| Mëttwoch | 5 | | 1945 - BARNECH : De Resitenzler R. LHERMITTE stierft zu Mathausen. |
| Donneschdeg | 6 | | 1945 - AREL : D'verbuede Postgebitt besteet nach tëschen der Grenz an eng Linn Arel-St. Hubert-Limmerlé. |
| Freideg | 7 | | 1945 - Diocèse NAMUR-LUXEMBOURG : Bréif vum Bëschoff A.M.CHARUE un d'Paschtéier : Jidderee behält seng Plaz. |
| Samschdeg | 8 | | 1945 - ENGLAND : D'V1 an V2 kommen elo vun der däitscher Küst. |
| **Sonndeg** | 9 | **PÄLLEMSONNDEG** | 1945 - AREL : Krichgeriicht : D'Strofe fale fir d'Kollaborateuren. |
| Méindeg | 10 | | 1945 - BELSCH : Den Hauserloun vun 1939 daarf nët méi wéi 40% erhéicht gin. |
| Daaschdeg | 11 | | 1945 - BERGEN-BELSEN : Dausende Gefaangenen an de Chanoine POIRE gin zesummebruecht.<br>BEFREIONG VUM LAGER AUSCHWITZ |
| Mëttwoch | 12 | | 1945 - ELBE : D'5. amerikanesch Armee erreecht d'ELBE. |
| Donneschdeg | 13 | **GRENGENDONNESCHDEG** | 1945 - ENGLAND : D'Regirong bestellt den éischten ziwill Fliger à réaction (Düsefliger) |
| Freideg | 14 | **KARFREIDEG** | 1945 - LËTZEBUERG : D'Groussherzogin CHARLOTTE as erëm. |
| Samschdeg | 15 | **KARSAMSCHDEG** | 1945 - STROOSSBUURG : D'Fransouse gin iwert de Rhäin.<br>1945 - BERGEN-BELSEN : D'Amerikaner befräien d'Prisonnéier (De Chanoine Poiré och) |
| **Sonndeg** | 16 | **OUSCHTERDAG** | 1945 - OSTFRONT : Ufank vun enger grousser russicher Offensive. |
| Méindeg | 17 | **OUSCHTERMEINDEG** | 1945 - BELSCH : Uerder de Bensin ze spueren. |
| Daaschdeg | 18 | | 1945 - BELSCH : Keng Fra a keng Kanner am Auto mathuelen. |
| Mëttwoch | 19 | | 1945 - RUHR : 21 däitsch Divisiounen an der Fal gi sech. |




UEWERELTER - Ënnen am Duerf. (1912)

# 1995

# Abréil - Gecksmount

## Fréiléng

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 20 | | 1945 - KANFERICH : 200 Krichsgefaangene gi mat Flamewerfer ëmbruecht. |
| Freideg | 21 | | 1945 - LONDON : De Churchill seet de Krich wir gläich eriwer an Däitschland miss opgin. |
| Samschdeg | 22 | | 1945 - Awer duerno kënnt eng schwéier Zäit wou den Ackerbau d'éischt Plaz kritt. |
| **Sonndeg** | 23 | **WÄISSENOUSCHTERDAG** | |
| | | | 1945 - BERLIN : Den Hitler setzt de GOERING an den HIMMLER af. |
| | | | LËTZEBUERG : D'Post leeft erëm am Land. |
| Méindeg | 24 | | 1945 - BERLIN as vun de Russen ëmréngt. |
| Daaschdeg | 25 | **MARKUSDAG** | 1945 - SAN-FRANZISKO : KONFERENZ FIR DE FRIDDEN. USA-GB-URSS-FR-CHINA |
| Mëttwoch | 26 | | 1945 - AREL : Rationnéierongslëscht : 400 Gr Margarine. |
| Donneschdeg | 27 | | 1945 - Ratiounéierongslëscht : 200 Gr Schmalz, 100 Gr Botter, 9 Kg Gromperen, 200 Gr Miel, Steck Schokela |
| | | | 1945 - EVERE : 600 belsch Politikprisonnéier kommen vum BUCHENWALD mam Fliger un. |
| | | | 1945 - ITALIEN : D'haapt Industriesteed gi befräit vun de Partisanen. De MUSSOLINI gët gefaang vun de Patrioten an erschoss bäi PALANZA. |
| | | | 1945 - BELSCH : De VAN ACKER organiséiert mam PRËNZ REGENT de Protocole fir d'Heemkéier vum KINNEK LEOPOLD III. |
| Freideg | 28 | | 1945 - KEVELAAR : De Chanoine Poiré, um Wee fir heem, deet seng éischt Mass (N.D. Consolatrice) |
| Samschdeg | 29 | **MARIA TREISCHTERIN DER BETRÜBTEN** | |
| | | | 1945 - DACHAU gët um Halwer sechs befräit. De Prënz FELIX kënnt deen Dag duerno do un. |
| **Sonndeg** | 30 | **FESTFEIER EISER LEIWER FRA VU LËTZEBUERG** | |
| | | | 1945 - BERLIN : DEN HITLER KEIERT SECH HËNN. |




EIDEN - Zaldoten bäi de Stackemer Knuppen.

**1995**

# Mee - Oktavsmount

| | | |
|---|---|---|
| Méindeg | 1 | 1945 - ROUDENHAFF-AREL : De Paschtouer Poiré vu Schackeler passéiert a geet op Séilen, endlech erëm vun der Déportatioun.<br>NORVEGEN : Nach 300 000 dâitsch Zaldote mat vill Fliger an Ubote waarden do. |
| Daaschdeg | 2 | 1945 - HAMBURG : D'Belsch Truppen versuergen däitsch Personalitéiten : (Von Ribbentrop, Général Fust a Von Schaumberg)<br>LÜBECK gët vun den Engländer gehol, si errechen d'Balteschmier.<br>NOORD-ITALIEN an EISTRÄICH : De Général Von Vietinghoff SCHEEL ergët sech dem Général CLARK<br>BERLIN : d'russech Truppe vum Maréchal Zhukov an d'Ukräiner vum Maréchal Koniev erreechen d'Haaptstad. Redditioun vum Général Wabling (70 000 Prisonéier)<br>ATTEM : 435 Belsch kommen vum Stalag XIII C vun Hammelburg |
| Mëttwoch | 3 | 1945 - BALTISCHMIER : D'Truppe vum Mar. Rokossovsky gi séier derlaanscht virun. |
| Donneschdeg | 4 | 1945 - DANEMARK : D'däitsch Kommandanten ergin sech an och d'Force navale. |
| Freideg | 5 | 1945 - TRIESTE : 30 däitsch Krichschëffer hänken de wäisse Fändel op. |
| Samschdeg | 6 | 1945 - LINZ : D'Ëmsidler vun Asten gi befräit. |
| **Sonndeg** | 7 | **LËTZEBUERG : Schlussprozessioun vun der Oktav**<br>1945 - REIMS : De Jodel capituléiert. De Kinnek Léopold III gët zu Strobl agesat.<br>KIIRMES zu ALENUEWEN, STERPENICH, FRÄLLEN, BUNNERT |
| Méindeg | 8 | 1945 - BERLIN : De KEITEL ergët sech zu KARLSHORST<br>VICTORY DAY Däitschland kapituléiert.<br>ATERTERDALL : Jongen engagéiere sech an d'Armee a fuere no Irland. |
| Daaschdeg | 9 | 1945 - FRANKFORT : 17 Lëtzebuerger, zu Ebly an 43 gefaang, gin erschoss. |
| Mëttwoch | 10 | ARELERLAND : BITTGANG ZUR LEIWERFRA VU LETZEBUERG. |
| Donneschdeg | 11 | **MAMERTUS éischten Eismann**<br>1945 - LËTZEBUERG : "Défilé de la Victoire" an der Stad. |
| Freideg | 12 | **PANKRATUS zweeten Eismann**<br>1945 - Um Prozess vum Mathias Zenter as den Omer Habaru Zeien. |
| Samschdeg | 13 | **SERVATIUS drëtten Eismann**<br>1945 - LËTZEBUERG : D'Groussherzogin Charlotte besicht zerstéiert Dierfer. (Pärel, Bungereff, Syr, Harel ...) |
| **Sonndeg** | 14 | **BONIFATIUS : MAMMENDAG (B)**<br>**KIIRMES zu TËNNEN (2te Sonndeg Mee)** |
| Méindeg | 15 | **KIIRMES zu LËSCHER, SEILEN (4. Sonndeg no Ouschterdag)**<br>**zu EIDEN (Sonndeg no SERVATIUS)** |



ARELER LAND A SPROOCH

# 1995

TONTEL - D'Mille vun der Platinerie. (1905)

# Mee - Oktavsmount

Daaschdeg 16 — 1945 - MOSKAU : D'Russe mellen datt den Hitler an de Goebels sech wiirklech hëngekouert hun.
D'KÄMP GIN EEN NOM ANER BEFRÄIT (De Wee no heem as awer nach laang)

Mëttwoch 17 — 1945 - PRENZAU : No hirer Befräiong kréien 33 belsch Offezéier d'Rees no Russland vun de Russe geschenkt,
Duerno gouwe si vun Odessa heem geschéckt.

Donneschdeg 18 — 1945 - LUEBECK : D'belsch Offezéier vum Kamp Fischbeck gi befräit.

Freideg 19 — 1945 - BELSCH : D'Croix Jaune et Blanche brengt de Krichs - a Politeschs gefaangenen d'Hëllief vun Infirmièren.

Samschdeg 20 — ***FIR D'HEMECHT GOUFT DIR D'LIEWEN***
***AN D'HEMECHT WEESS IECH DANK***

**Sonndeg 21** — ***WELL HIR GOULT ALL ÄRT STIERWEN***
***DIR HUT SI TREI BEKANNT***

Méindeg 22 — ***DIR GUNGT HIN FIR D'FRÄIHEET,***
***DEN DOUD WAR NIT EMSOSS***

Daaschdeg 23 — ***WELL AUS DEM GROUSSEN ONHEEL***
***AS D'FRÄIHEET NEI ERSPROSS.***

Mëttwoch 24 — Dëst Gedicht stung um Doudebild dat zu Biekrich-Bettborn

Donneschdeg 25 — am Requiem vun der Ligue "Ons Jongen" vum Réidener Kanton ausgedeelt gouf.
**CHRISTIHIMMELFAARTSDAG**

Freideg 26 — 1945 - BREISSEL : De Conseil des Ministres befreet sech wéi den Hafen Antwerpen nëtzlech fir den Trafic opzemaachen.


Samschdeg 27 — 1945 - HOUFELS : Belsch SS behaapten datt de L. Degrelle säin Haapt-quartier do hat.

**Sonndeg 28** — **KIIRMES zu GRENDEL (Sonndeg no Christihimmelfaartsdag)**

Méindeg 29 — **zu LOTTERT-TATTERT-DIDDEBUURG (Sonndeg viru Päischtdag)**

Daaschdeg 30 — 1945 - LËTZEBUERG : An der Epuration kommen d'Kollaborateuren laanscht d'Strof wa si Mine rafe gin (17 Doudeger)

Mëttwoch 31 — 1945 - HAMM éischte "Memorial Day" um Militärkiirfecht.




DIDDEBUURG - D'Musék virun der Schoul. (1905)

**1995**

# Juni - Broochmount

| | | |
|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | 1945 - LËTZEBUERG : De Groupement Patriotique et Démocratique gët gegrënnt. |
| Freideg | 2 | 1945 - BARNECH : Feierlechen Gottesdéngscht fir de Resistenzler René Lhermite. |
| Samschdeg | 3 | 1945 - BELSCH : D'Resistenz zielt 62000 Doudéger. |
| **Sonndeg** | 4 | **PÄISCHDAG Kiirmes zu Giisch - Metzert (um Dag)** |
| Méindeg | 5 | **PÄISCHMEINDEG; BITTGANG VUM HL WILLIBRORD ZU GIISCH** |
| Daaschdeg | 6 | **PÄISCHDAASCHDEG, SPRANGPROZESSIOUN ZU IECHTERNACH** |
| Mëttwoch | 7 | **Mar bréngt de Muedert 6 Woche Reen oder gutt WIEDER.** |
| Donneschdeg | 8 | **MEDARD awer de Barnabé kann d'Wieder nach enneren.** |
| Freideg | 9 | 1945 - FLENSBURG : De Belsche Lieutenant GHYS hält de Reichsleiter Rosenberg op. |
| Samschdeg | 10 | **HÄERZJESUSFEST** |
| **Sonndeg** | 11 | **BARNABE : Kiirmes zu Noutem an Tontel (um Dag)**<br>**DRÄIFALTEGSKEETSDAG - HÄERZMARIAFEST** |
| Méindeg | 12 | 1945 - FLENSBURG : D'Belsch Truppen sin op der Dänescher Grenz. |
| Daaschdeg | 13 | mat Infanterie a Panzer fir d"Gouvernement Doenitz" opzehalen. |
| Mëttwoch | 14 | 1945 - HAMBURG : Den ex-Minister VON RIBBENTROP gët vum<br>belsche Sergent-Parachutiste Goffinet gefaang. |
| Donneschdeg | 15 | 1945 - BARCELONA : D'Franséisch Kollaborateuren sin an enger Festong agespaart<br>(LAVAL, BONNART, ...) |
| Freideg | 16 | 1945 - BELSCH : Statistique vun der Resistenz : 200 000 Kontakter mat LONDON |
| Samschdeg | 17 | duurch 43 Linnen, 27129 Refractairen, 10048 Ziwill Resistenzler ... |
| **Sonndeg** | 18 | **ZERLÄICHENDAG** an 18715 waren, an der Presse clandestine |
| Méindeg | 19 | 1945 - DE Kinnek Léopold III kritt de Besuch vu 6 belsch Zaldoten. |
| Daaschdeg | 20 | 1945 - BELSCH : D'Resistenz zielt 62000 Doudeger. |
| Mëttwoch | 21 | 1945 - BELSCH : 24000 belsch Judden sin an de Konzentratiounslager gestuerwen. |
| Donneschdeg | 22 | 1945 - Lëtzebuerger Prowënz : 4205 waren am M.N.B. (Mouvement Resistenz apolitique) |
| Freideg | 23 | **NATIONALFEIERDAG ZU LËTZEBUERG** |
| Samschdeg | 24 | **GEHAANSDAG** 1945 - HIRSCHBERG-WARTHA : D'Ëmsidler kommen heem |
| **Sonndeg** | 25 | **Kiirmes zu Almeroth, Schuedeck, Atert.** |
| Méindeg | 26 | 1945 - SAN FRANZISKO : D'ONU gët vu 50 Länner gegrënt. |
| Daaschdeg | 27 | 1945 - ELWEN : Ëmsidler vu Wallisfurth-Mittelstein-Boberstein kommen erëm. |
| Mëttwoch | 28 | 1945 - LËTZEBUERG : D'Lëtzebuerger Battery vun der Brigade Piron gët an der<br>Schefferallee emfaang. |
| Donneschdeg | 29 | **PETRUS A PAULUS**<br>1945 - BELSCH : 57000 Incivique gi verurdeelt. |
| Freideg | 30 | 1945 - BELSCH : 300 Incivique gin exécutéiert an 2286 gestrooft "à perpétuité". |



AFFEN - D'Gare an d'Aarbechter vun der Bunn.

**1995**

# Juli - Heemount

| | | |
|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | 1945 - GRAND-DUCHE : D'éischt Wochenzeidong, D'Revue, kënnt eraus |
| **Sonndeg** | 2 | **MARIAHEEMSUCHUNG** Wéi d'Muttergottes geet sou kënnt se erëm. |
| Méindeg | 3 | 1945 - JAPAN : Mënschetorpillen géint d'amerikanesch Flotte. |
| Daaschdeg | 4 | 1945 - FORMOSE : D'amerikanesch Bombardementer an hir DCA |
| Mëttwoch | 5 | neutraliséieren an de kommende Wochen |
| Donneschdeg | 6 | d'suicidaire Aktiou vun de japanesche Piloten. |
| Freideg | 7 | 1945 - JAPAN : 10 000 Suicide-Fliger waarden fir unzergräifen. |
| Samschdeg | 8 | 1945 - OST-EUROPA : 10 000 Fransouse gi vun de Russen a Goulage verschleeft a kommen ni heem. |
| **Sonndeg** | 9 | KIIRMES ZU AREL (Donatiskiirmes, 2. Sonndeg Juli) |
| Méindeg | 10 | 1945 - RODANGE : Eng Plak gët ageweit op der Plaz wou d'Groussherzogin iwer d'Grenz gung an 1940. |
| Daaschdeg | 11 | 1945 - BELSCH : Prisonnéier am Osten gi vu Polen no Odessa. |
| Mëttwoch | 12 | 1945 - LËTZEBUERG : Emsidler komme vun Odessa-Marseille un. |
| Donneschdeg | 13 | **AREL : DONATISBITTGANG, vun den DIERFER** |
| Freideg | 14 | **NATIONALFEIERDAG A FRANKRÄICH.** |
| Samschdeg | 15 | 1945 - GRAND-DUCHE : D'Schoulmeeschter gin nit méi vun de Gemenge genannt. |
| **Sonndeg** | 16 | 1945 - GRAND-DUCHE : Déi Freiwëlleg vun der Brig. Piron froën nom Geld dat am Congo gesammelt war gin. |
| Méindeg | 17 | 1945 - WALFER-DIDDELENG : Eed vun den éischte fräi Zaldoten. |
| Daaschdeg | 18 | 1945 - BELSCH : Financen Situatioun : Eng vun de Beschten an Europa |
| Mëttwoch | 19 | nodeem datt de Gutt d'Geld agezun huet |
| Donneschdeg | 20 | an d'Gidder blockéiert huet (Gouvernement Pierlot) |
| Freideg | 21 | **NATIONALFEIERDAG AN DER BELSCH** |
| Samschdeg | 22 | 1945 - BELSCH-HOLLAND-GRAND-DUCHE si bereet fir d'Union douanière ze maachen. |
| **Sonndeg** | 23 | 1945 - BELSCH : Member vun der ONU. |
| Méindeg | 24 | 1947 - D'Belsch geet an de Plan Marshall. |
| Daaschdeg | 25 | **JAKOBSDAG** 1945 - AFFEN-SUES-HÄERZEG : Op der Gare komme Krichsrefugiéerter un. |
| Mëttwoch | 26 | Si si no England mam Schëff an 1940 gefuer |
| Donneschdeg | 27 | an hu ëm London a Krichsindustrie geschafft a |
| Freideg | 28 | bäi Bauere matgehollef |
| Samschdeg | 29 | 1945 - AFFEN : Géint Hallefnuecht kommen Prisonnéier un. |
| **Sonndeg** | 30 | **KIIRMES zu MIEZEG (Sonndeg no Jakobsdag).** |
| Méindeg | 31 | 1945 - BREISSEL : D'Geld dat ee vun den Däitsche kritt huet muss déklaréiert gin. |





# 1995

GÄICHEL - D'lëtzebuerger Douanieren bäi der Grenzmarek. (1912)

# August - Huewermount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschdeg | 1 | | 1945 - BELSCH : D'Assiociatioun "Rescapés de Breendonck" freet datt D'Inciviquen hir Politesch an Ziwill Rechter solle verléieren. |
| Mëttwoch | 2 | | 1945 - ATTERT : Den Här Heinen erzetzt de Paschtouer Shmitz |
| Donneschdeg | 3 | **PEITERSDAG** | 1945 - AREL : den Här Schmitz gët Paschtouer an der Kapeziner |
| Freideg | 4 | | 1945 - AREL : Notre-Dame d'Arlon gët als N.D. de la Paix veréiert. |
| Samschdeg | 5 | **KIIRMES zu ATTEM (Sonndeg no Péitersdag)** | |
| **Sonndeg** | 6 | | 1945 - HIROSHIMA : Eischt amerikanesch Atombomm. |
| Méindeg | 7 | | 1945 - HOLLAND : Economesch Situatioun katastrophal. |
| Daaschdeg | 8 | | 1945 - HOLLAND : D'Preise konnte vill mat schleefen. |
| Mëttwoch | 9 | | 1945 - NAGASAKI : Zweet amerikanesch Atombomm. |
| Donneschdeg | 10 | | 1945 - ROTTERDAM : zerstéiert, 160 Ha Land ënner Waasser wëll d'V1 si vun do koum. |
| Freideg | 11 | **LORENZ** | **E sengt oder e strenzt.** |
| Samschdeg | 12 | | 1945 - TOKYO : De Mac Arthur kënnt un no 4 Méint am Pacifique. |
| **Sonndeg** | 13 | | 1945 - BELSCH : Keng Censure méi an der Presse. |
| Méindeg | 14 | | 1945 - BELSCH : Besser économesch Situatioun wéi bäi de Noper. |
| Daaschdeg | 15 | **LEIFFRAKRAUTDAG : Dierfermass bäi der Kapell Hl Kräiz (Woulker)** | |
| Mëttwoch | 16 | | 1945 - JAPAN : Den Amiral Onishi, Chef vun de Kamikasen, brengt sech ëm. |
| Donneschdeg | 17 | | 1945 - JAPAN : D'Kamikase hun der USA Marine vill schued gemeet. D'RAF stoppt si. |
| Freideg | 18 | | 1945 - GRAND-DUCHE : Ee Recensement gët virbereed |
| Samschdeg | 19 | | wëll am September 45 soll gestëmmt gin. |
| **Sonndeg** | 20 | **KIIRMES zu GIELF, HIERWERDANG, SCHACKELER** | |
| Méindeg | 21 | | **(de Sonndeg nom 15 August)** |
| Daaschdeg | 22 | | 1945 - PARÄIS : D'Fläschelchen Pénicillin verkeeft sech 50 000 F um schwaarze Maart ... |
| Mëttwoch | 23 | | No Gebrauch an de militär Spedéler gët si gläich fir Ziwill ze fannen. |
| Donneschdeg | 24 | **BARTHOLOMEUS** : Wéi hie sech verhält sou d'ganzt Jor bestellt. | |
| Freideg | 25 | | 1945 - BREISSEL : De Commisariat au Rapatriement gët ëmgebaut awer et |
| Samschdeg | 26 | | gët a ganz Europa no belsch Verschwonnen an Doudeger Opgesicht |
| **Sonndeg** | 27 | **KIIRMES zu NIDDERELTER, BARNICH, BARDEBURG** | |
| Méindeg | 28 | | **Déi Kiirmese sin ëmmer de leschte Sonndeg August** |
| Daaschdeg | 29 | | 1945 - AREL : Doudemass fir de Kaploun René Feck am Kamp Neuengamme gestuerwen. |
| Mëttwoch | 30 | | 1945 - AREL : Eent Erënnerongskräiz gët op d'Dir vum Gestapohaus gehaang (Rue des Martyrs, 22) |
| Donneschdeg | 31 | **PAULINUSDAG** | An deem Haus gouwe vill Patriote gekweelt. |




ARELER LAND A SPROOCH

# 1995

HÄERZEG - D'Grotte vu Kaschbur (N.D. de Lourdes). (1964)

# September - Hierschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | | 1945 - PROCHE-ORIENT : D'amerikanesch a englesch Petrolshändler maache sech eens. |
| Samschdeg | 2 | | 1945 - RUSSLAND wëllt seng Influenz an de Balkanen, Ungarn, Rumänien, Bulgarien feststellen<br>JAPAN : Redditioun virum General MAC ARTHUR |
| **Sonndeg** | 3 | **HÄERZEG : BITTGANG op KASCHBUR (1. Sonndeg September)** | |
| Méindeg | 4 | | 1945 - BELSCH : D'Gezei virgesi fir d'alliërt Armee ka fir d'Ziwil gebraucht gin. |
| Daaschdeg | 5 | | 1945 - BELSCH : Gläich kënne Postpäck erëm a Frankräich geschéckt gi. |
| Mëttwoch | 6 | | 1945 - BELSCH : D'Gouvernement hëlt un fir den Oktober 10 Milliounen Textilkaarten auszedeelen. |
| Donneschdeg | 7 | | 1945 - BELSCH : Dem Schwaarzhandel soll een Enn gemeet gin. |
| Freideg | 8 | **MARIAGEBUURTSDAG** | 1945 - BELSCH : D'Qualiteit vun de Welle-a Kotéingswuere soll besser si wéi virum Krich. |
| Samschdeg | 9 | | 1945 - BELSCH : D'Schoulmeeschtere froe fir démobiliséiert ze gin an erëm kënne Schoul ze halen. |
| **Sonndeg** | 10 | **KIIRMES zu REIDEN (Sonndeg no Mariagebuurt)** | |
| Méindeg | 11 | | 1945 - BELSCH : Bis den 24. Sept. sin d'Kannergarderien zou a keng Jugend daarf an de Kino, Piscine ... goen wéinst der Polio. |
| Daaschdeg | 12 | | 1945 - USA : De President Truman gët e neie Projet géint de Chômage. |
| Mëttwoch | 13 | | 1945 - JAPAN : De Mac Arthur annuléiert hire G.Q.I. an d'3000 Jor aalt Kaiserräich as verbäi. |
| Donneschdeg | 14 | **HELLEGT KRÄIZ ERHEIGONG** | 1945 - AREL : D'Belsch Armee stëfft d'Ecole Automobile. |
| Freideg | 15 | **SIWE SCHMERZE MARIA** | 1945 - AREL : An d'Kasär Léopold kommen 120 Motorween, 50 Motoen an 2 Chenilletten un. |
| Samschdeg | 16 | | 1945 - BREISSEL : D'spezial Douane tëschent dem Grand-Duché an der Belsch gët ewechgeholl. |
| **Sonndeg** | 17 | **KIIRMES zu BEIWEN, HONDEL, WOULKER, WIISBECH (Sonndeg nom H. Kräiz)** | |
| Méindeg | 18 | | 1945 - BELSCH : D'Textile Produktioun fir Sept : 10 Millioune Meter.<br>BERLIN : D'Philarmonie gët vun engem schwaarzen Amerikaner dirigéiert. |
| Daaschdeg | 19 | | 1945 - LONDON : Konferenz vun de Fënnef fir een "Traité de paix" mat Finnland a Rumänien. |
| Mëttwoch | 20 | | 1945 - LÜNEBURG : Am Prozess gët de Film vun der Befräiong vum Kamp vu Belsen gewisen.<br>BELSCH : Projet : De 15. Feb : Datum vun der Befräiong vum Land. |
| Donneschdeg | 21 | **HIERSCHT** | 1945 - BREISSEL : De Churchill gët Member vun der Académie des Sciences. |
| Freideg | 22 | | 1945 - LÜNEBURG : Prozess vum Dok. KRAMER grousse Krichskriminel vun engem Belschen Offezéier gefaang. |



EIBENG - Kanounen virun der Brauwerei. (1927)

1995

# September - Hierschtmount

Samschdeg 23 — 1945 - BREISSEL : D'Rapatriéiert koumen an d'Gare un a gin an den Rapatriements Zenter gefouert ...

**Sonndeg** 24 — Do gi si géint d'Leis behandelt an da geniert.

Méindeg 25 — Haneno gi si an d'Services Généraux geleed fir d'Identificatioun a si kréien dräi Kaarten.

Daaschdeg 26 — Endlech gi si gesënnert vum Service de Süreté.

Mëttwoch 27 — Am Service-Banque musse si hiirt Geld déclaréieren a gin, no enger Visite am Medical-Zenter, op d'Gare gefouert fir heem ze goen.

Donneschdeg 28 — 1945 - BREISSEL : Dës 4 Méint sin 9615 Leit am Zenter ukomm : dobäi ware 6010 Belsch an 2072 Holländer.

29 **MECHEL-GABRIEL-RAPHAEL**
**De MECHELSSUMMER dauert 1 oder 3 WOCHEN.**

30 — 1945 - BREISSEL : De Statut vun de Réisistenzler as ugeholl.




SUES - De Réimerwé an der Hiéltchen. (1910)

**1995**

# Oktober - Wäimount

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg** | 1 | **KIIRMES zu HEESCHTERT, HÄISCHEL (1. Sonndeg Okt.)**<br>**SUES-PASS-LUCHERT-ESCH OP DER HUURT (Sonndeg no Mechelsdag)** |
| Méindeg | 2 | **SCHUTZENGELSFEST** |
| Daaschdeg | 3 | 1945 - Den 11ten fänkt de Prozess vum Lucien Eichhorn, areler Burgemeeschter am Krich, un. |
| Mëttwoch | 4 | **FRANZISKUSDAG :** Dag vun der Guttheet an den Déieren |
| Donneschdeg | 5 | 1945 - BASCHTENECH : Vum 10 Okt. u kann d'Kiirch st-Pierre erëm gebraucht gin. |
| Freideg | 6 | 1945 - BASCHTENECH : D'Schoule fänken erëm un. |
| Samschdeg | 7 | **MUTTERGOTTESROUSEKRANZ** |
| **Sonndeg** | 8 | **KIIRMES zu STACKEM, EIBENG (2. Sonndeg Oktober)**<br>1945 - ANTWERPEN : D'Klacke vun der Lëtzebuerger Prowënz komme mam Schëff "La Lys" un ... |
| Méindeg | 9 | De Cardinal Van Roy, de Bëschoff Charue a Ministere stin do mat vill aner Leit fir d'gestuele Klacken zëmfänken. |
| Daaschdeg | 10 | 1945 - BREISSEL : De Général De Gaulle as op Besuch bäim Régent |
| Mëttwoch | 11 | 1945 - ANTWERPEN : D'Komissiou vun de Klacke freet Camionë fir d'Klacken an d'Paren ze féieren. |
| Donneschdeg | 12 | 1945 - ANTWERPEN : Waren derbäi, d'Klacke vun AFFEN, BEIBEN, EIBENG, |
| Freideg | 13 | DIDDEBUURG, EIDEN, ESCH-OP-DER HUURT, SEILEN, HONDEL, |
| Samschdeg | 14 | GERLENG, SUES, TERNECH, TIIRPEN, MIEZEG, WOULKER, STACKEM |
| **Sonndeg** | 15 | **KIIRMES zu HÄERZEG (3. Sonndeg Okt)** |
| Méindeg | 16 | 1945 - AREL : D'Schoule fänken erëm un. |
| Daaschdeg | 17 | 1945 - URSS : D'turkesch Arménie géng gär mat Russland. |
| Mëttwoch | 18 | **LUKSDAG : De Lukssummer dauert dräi Deg.** |
| Donneschdeg | 19 | 1945 - BREISSEL : Ee Contrôle vun den Depensen gët gefrot. |
| Freideg | 20 | 1945 - JAPAN : De Mac ARTHUR wäerd den neie Cabinet unhuelen. |
| Samschdeg | 21 | 1945 - BREISSEL : De Militärbudget as vu 7 Milliarden. |
| **Sonndeg** | 22 | **KIIRMES zu AUTELHAUT, GERLENG, LASER, WALTZENG (Son. no Luksdag)** |
| Méindeg | 23 | 1945 - DÄITSCHLAND : D'Wëssenschaftler an hir Archive gin an d'USA an och an d'URSS verschleeft. |
| Daaschdeg | 24 | 1945 - DÄITSCHLAND : D'Russen hun elo an hirem Secteur e puer Missile Probe a Produktiounszenteren. |
| Mëttwoch | 25 | 1945 - DÄITSCHLAND : D'Amerikaner haten de Von Braun mat senger Equipe mat an Amerika gehol. |
| Donneschdeg | 26 | 1945 - EUROPA : D'Palestine wëlt Orangen a Pamplemoussen hei verkafen |
| Freideg | 27 | 1945 - AREL : An der Schoul-PlaceDidier gin d'Rationnementskaarten ausgedeelt. |
| Samschdeg | 28 | 1945 - BREISSEL : 10 Milliarden Dommages de Guerre fir d'Leit, |
| **Sonndeg** | 29 | 1 Milliard fir D'Stied a 5 Milliarde fir d'Ardenne. |
| Méindeg | 30 | 1945 - AREL-LOUFTEMONT : éischt Juegt op Wëllschwäin, Hues, Fuuss ... |
| Daaschdeg | 31 | 1945 - ENGLAND : D'Belsch Aviateure vun der RAF hu 50% hirer an de Krichsmissioune verluer. |




# 1995

ELCHERT - De Panorama vum Duerf an der Gewan. (1912)

# November - Wantermount

| | | |
|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | **ALLERHELLEGENDAG Den Allerhellegesummer dauert een Dag.** |
| Donneschdeg | 2 | **ALLERSEILENDAG** |
| | | 1945 - BREISSEL : d'Affär Royale as am gaang. |
| Freideg | 3 | **HUBERTUSDAG** 1945 - BELSCH : Emprunt vun der Libératioun (4% ouni Steieren) |
| Samschdeg | 4 | **CHAREL BORROMÄUS** |
| | | 1945 - BEIBEN : De R. Kitzinger as de beschte belschen Discobole. (42, 04M). |
| **Sonndeg** | 5 | **KIIRMES zu AFFEN-BEIDEN (Son. nom Hubertsdag)/DEIFFERT-TIIRPEN (Son. nom Ch Boromäus)** |
| Méindeg | 6 | |
| Daaschdeg | 7 | 1945 - NÜRENBERG : Prozess vun den Super-Criminellen (Hess ...) |
| Mëttwoch | 8 | 1945 - AREL : Foussball : D'areler Marcassinën hun d'Form erëm. |
| Donneschdeg | 9 | 1945 - BELSCH : D'Amerikaner verbidden hiirt Gezei ze droen, |
| Freideg | 10 | et muss gefierft gin awer wéider schwaarz nach kaki. |
| Samschdeg | 11 | **MÄRTESDAG : De Mäertessummer dauert ongeféier 3 Stonnen.** |
| | | FEIER VUN DER ARMISTICE 1914-1918 |
| **Sonndeg** | 12 | **KIIRMES zu FRUESSEM, WELLER (Sonndeg no Mäertesdag).** |
| Méindeg | 13 | 1945 - SAARBURG : D'Lëtzebuerger Armee besetzt d'Stad. |
| Daaschdeg | 14 | 1945 - BREISSEL : Examen de Maturité fir d'wärend de Studie mobiliséiert Jongen. |
| Mëttwoch | 15 | KINNEKSDAG - LEOPOLD - ALBERT |
| | | 1945 - BELSCH : Botter, Mëllech an Zocker gi méi deier. |
| Donneschdeg | 16 | 1945 - AREL : De President vun der Israélite Communautéit kënnt vun USA erëm. |
| | | Säi Jong koum als amerikaneschen Zaldot laanscht. |
| Freideg | 17 | 1945 - AREL : Et bleiwen nach 10 Familljе vun der Israélite Communautéit. |
| Samschdeg | 18 | 1945 - MARCHE : 125 Bauerepäerd gi verkaaft (22000F St.) |
| **Sonndeg** | 19 | 1945 - STEINFORT : En areler Douanier hält en Däitschen évadéierten Zaldot op. |
| Méindeg | 20 | 1945 - BREISSEL : D'CHASSEURS ARDENNAIS kréien d'Fourragère 1940 an eng Zitatioun. |
| Daaschdeg | 21 | "Ardennes" a "Vinkt" kënne se op de Fändel schreiwen. |
| Mëttwoch | 22 | **CÄCILIENDAG** |
| Donneschdeg | 23 | 1945 - BELSCH : D'Klasse 41-42-43-44- gi gefrot fir Commando oder Parachutiste ze gin. |
| Freideg | 24 | 1945 - DACHAU : Prozess : 40 Wuechter erzielen vun der Mënschevivisectioun. |
| Samschdeg | 25 | 1945 - AREL : D'amerikanescht Roudkräiz schéckt Gezei. |
| **Sonndeg** | 26 | 1945 - AREL : Zitrounen, Orangen, Bananen gin ausgedeelt. |
| Méindeg | 27 | 1945 - BELSCH : D'Händler froen de fräie Béischtenhandel. |
| Daaschdeg | 28 | 1945 - SCHOTTLAND-IRLAND : 120 däitsch Ubote gin zerstéiert. |
| Mëttwoch | 29 | 1945 - BEAURAING : D'Pilger fuere mam Zuch fir den 13. Anniversaire vun den Erscheinungen |
| Donneschdeg | 30 | **ANDERSDAG** |




# 1995

AREL - D'Klouschter vun de Soeurs Chanoinesses. (1919)

# Dézember - Krëschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | | 1945 - FRANKRÄICH : Iddi vum Ct de la Vasselais : Eng Marek mat enger Flam drop; |
| Samschdeg | 2 | | wéi déi vun der Statue de la Liberté zu New-York, |
| **Sonndeg** | 3 | | 1945 - All Kilometer gin déi Mareke laanscht d'Voie de la Liberté |
| Méindeg | 4 | | gesat vun Utha-Beach bis op Baaschtenech via Paräis, Reims, Lëtzebuerg, Arel. |
| Daaschdeg | 5 | **NEKLOOSOWEND : Léiwe Kleeschen komm bäi äis!** | |
| Mëttwoch | 6 | **NEKLOOSDAG-KLESSISDAG** | |
| Donneschdeg | 7 | | 1945 - AREL : All Kand kritt 6 Stéck Schokela an 250 Gr Speculosen. |
| Freideg | 8 | **ONBEFLECKTE ËMFÄNGNIS MARIA** | |
| Samschdeg | 9 | | 1945 - SPEYER : Dem Patton säi Won rennt an ee Camion. De Patton as schwéier verwonnt. |
| **Sonndeg** | 10 | | 1945 - HAMM : 5067 Amerikaner vun der Bataille des Ardennes gin duer begrueven. |
| Méindeg | 11 | | 1945 - PADERBORN : De Gauleiter Simon gët vun engem Engläner gefaang. |
| Daaschdeg | 12 | | Den Simon erhängt sech an der Zell (18ten) |
| Mëttwoch | 13 | **LUZIASDAG** | |
| Donneschdeg | 14 | | 1945 - GRAND-DUCHE : Een Haus op dräi as vum Krich beschiédegt gin. |
| Freideg | 15 | | 1945 - LËTZEBUERG : De Conseil de la Reconstruction kënnt zesummen. |
| Samschdeg | 16 | | 1945 - ANTWERPEN : 1. Jor nom V2 Fall op de Cinéma Rex (271 Doud). |
| **Sonndeg** | 17 | | 1945 - PENNEMÜNDE D'Alliért fanne Plange vu perfectionnéiert Fuséen : |
| Méindeg | 18 | | d'A9 déi ganz England getraff hätt |
| Daaschdeg | 19 | | d'A10 déi New-York erreecht hätt. |
| Mëttwoch | 20 | | 1945 - FRANKRÄICH-URSS : V1 a V2 gin nogemeet |
| Donneschdeg | 21 | **WANTER :** | 1945 - HEIDELBERG : Doud vum Général Patton. USA-URSS : D'Course aux armements geet looss. |
| Freideg | 22 | | 1945 - URSS : D'Fusée V2 gët bis 1957 gebessert (32 Motoren) |
| Samschdeg | 23 | | Si schéisst den éischte Weltraum Satellite Spoutnik de 4/10/57 |
| **Sonndeg** | 24 | **KRËSCHTOWEND** | 1945 - HAMM : De PATTON gët bäi seng Zaldote begruewen. |
| Méindeg | 25 | **KRËSCHTDAG :** | De Krëschtsummer dauert nëmmen eng Stonn. |
| Daaschdeg | 26 | | 1945 - BELSCH-GRAND-DUCHE : Iwert honnert Monumenter gin no der Bataille des Ardennes zum Undenken opgeriicht. |
| Mëttwoch | 27 | | 1945 - BAASCHTENECH : Elo as am Historical Center bäim Mardasson vill virgestellt. |
| Donneschdeg | 28 | | 1946 - AREL : Den 30. Mee gët d'Avenue Patton ageweit. |
| Freideg | 29 | | 1957 - AREL : Den 26. Mee gët d'Monument Patton virgestallt. |
| Samschdeg | 30 | | Dem General Patton seng Widfra, op Besuch, schenkt dem Burgemeeschter Massonnet e grousse Portrait vum Patton. |
| **Sonndeg** | 31 | | 1994 - HONDEL : Am Victory Museum as vill iwert den 2. Weltkrich ze gesinn. |